Ouschteren 2010

Si mir Chrëschten - an zemol mir Katholiken - net awer schrecklech hannendrann, léif Frënn?

An der Ouschternuecht gëtt nach ëmmer déi biblesch Erzielung vun der Erschaafung vun der Welt virgelies an zu Genf baue se den Urknall no!
Am Evangelium geet Rieds vum Operstoën vu Christus, dobäi wees jo awer kee Mënsch , wéi et déi aner Säit ausgesäit.

Just am Vertuschen, do schingt d'Kierch ganz op Zack ze sinn, wéi mer dat jo an dësen Deeg méi wéi däitlech erfuer hunn.

A propos „vertuschen". Grad déi bosseg Nouvelle, dass Christus no zwee Deeg net méi am Graf war, sollt eigentlech och vertuscht ginn.

De **Matthäus** seet äis jiddefalls, dass déi reliéis Leader vun de Judden d'Zaldoten, déi d'Graf bewaacht haten, mat Suen bestach hunn, fir d'Gerücht an d'Welt ze setzen, dass dem Jesus seng Jünger nuets seng Läich gestuel hätten.

De **Markus** schreift, dass d'Fraen, déi dat eidelt Graf fond haten, hire Mond aus Angscht guer net opkruten. Schweigen ass jo awer och eng Zocht vu Vertuschung.

An de **Lukas**, deem säin Evangelium mir elo héieren hunn, zéckt net fir ze soën, dass d'Jünger de Fraen hir Nouvelle fir Blabla gehal hunn. Och dat leeft op Vertuschung raus, well wann ech eppes als Blödsinn ofstempelen, hält et op fir mech eng Realitéit ze sinn.

Bei der Vertuschung geet et jo drëm, dass eppes wat ass, net **soll** oder **dierf** un d'Liicht vun der Öffentlechkeet kommen, well et soss dérangéiert, well et onangenehm Konsequenzen hätt, well et eng Idealvirstellung platzen deet.

Bei de Mëssbrauchsskandaler an der Kierch, an de Schoulen, an den Heimer, an de Familjen ass et jo klor, firwat do gäer vertuscht gëtt. Mee beim Operstoë vu Christus?

Wat geet dann do fleeten, fir dass et net kann direkt mat grousser Freed op der Place publique erausposaunt ginn?

Ma ganz vill, wéi mir schéngt!

Wa Christus operstanen ass, da geet dem Mensch seng Allmacht fleeten a seng total Kontroll iwwer Liewen an Dout.

Wa Christus operstanen ass, dann gëtt et méi, wéi de Mensch a séng Rationalitéit, da gëtt et méi wéi empiresch Evidenzen a wéi mathematesch Formelen an Zuelen op Kontosextraiten.

Wa Christus operstanen ass, da fale Grenzen, da fannen de Mensch an den Dout hire Meeschter. A well de Mensch net gaer ee Meeschter unerkennt, dofir arrangéiert hien sech léiwer mat dem Dout.

Da geet seng Rechnung rëm op. Dann ass hien rëm de Moostaf vun allem an hie brauch kengem aner Rechenschaft ofzeleeë;, da kann hien sech seng eege Gesetzer maachen a wees sech just deem verpflicht, wat a säi Krom erapasst.

Et gëtt vill a gutt Grënn, fir d'Operstoën vu Christus ze vertuschen, ze kontestéieren an ze belächelen.

Léif Frënn,

mir wëssen et dach eigentlich besser a mir soën et jo och: „Et kann esou laang daueren wéi et wëll, enges Dags kënnt d'Wourecht awer un d'Dagesliicht!"

An dëser Nuecht/ op dësem Moien/ feieren d'Chrëschten, dass déi fundamental Wourecht vun hirem Glawen un den hellen Dag kënnt. Christus huet den Dout iwwerwonnen a lieft.

Dee Gekräizegten ass dee Verhärlechten, de Verbriecher ass de Retter, deen zu Dout Blesséierten ass de Spender vun éiwegem Liewen.

Den eigentlechen Urknall ass net deen am kalen Universum oder deen an de Réier vu Genf. Heen ass am Graf vu Jerusalem geschitt.

Do ass den Dout, deen an allem läit, op d'Léift vu Gott gestouss.

Hien huet d'Urzell vum Dout opgesprengt an d'Energie vum neie Liewe fräigesat.

Si ass net um Ecran ze gesinn, mee mir wäerten si un eisem eegene Läif erfueren, esou wéi si Christus als éischten erfuer huet.

Eist Liewen ass méi wéi eng méi oder wéineger glécklech Kombinatioun vun Atomen. Et ass méi wéi een éiwegen Zyklus vun Gebuert a Stierwen, vun Verbriechen an Versöhnung, vun Trauer a Gléck, vu Gesondheet a Krankheet, vun Héichgefill an Dépressioun, vu Recht an Ongerechtegkeet, vun Opbau an Zerstéirung.

Eist Liewen ass vu Gott gewollt a gehal. Et wiesst duerch d'Operstoë vu Christus iwwert sech heraus: ganz zu Him hin. Et verléiert sech net, mä et fënnt sech nei a Gottes Léift.

Et wandert net vun engem Liewen an dat anert, mä et fënnt seng Vollendung a Gott. Et vergeet net am Stëbs, mä et ass opgehuewen an him.

Mir bleiwen net op éiweg Affer: Affer vu Onrecht, Affer vu Krankheet, Affer vum Dout.

Mir si bei eisem Antrëtt an dës Welt net zu enger Afferroll verdaamt, mee zum Liewe bestëmmt.

Mir si jo duerch eis Daf Kanner vum Herrgott. A Gott behält dat läscht Wuert iwwer d'Schicksal vu senge Kanner. Dat läscht Wuert ass e Wuert vu Liewen a vun Heelung. Dat läscht Wuert ass ee Wuert vun onantastbarer Léift.

Dat läscht Wuert behält Ouschteren. Alleluia.